



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Sam TANSON, op d'parlamentaresch Fro n°7507  
vum 25. Januar 2023 vum honorabelen Deputéierten Roy REDING**

**Ad 1:**

De Projet de loi n°8133, deen den 11. Januar 2023 an der Justizkommissioun virgestallt gouf, proposéiert mam "*mandat de protection future*" e neit Instrument anzeféieren, wat et de Bierger erlaabt am viraus d'Protektioun vun hirer Persoun an hierem Besëtz z'organisieren. Konkret kann de Mandant ënnert anerem désignéiere wien Tuteur ka ginn a wien vun der Tutellescharge ausgeschloss ass.

Et ass virgesinn, dass d' "*mandats de protection future*" obligatoresch ageschriwwen musse ginn an engem zentrale Regëster um Répertoire civil. D'Aféierung vun engem zousätzlechem "*registre de tutuelle*" erschénkt ënnert dësen Ëmstänn net nëtzlech.

**Ad 2:**

D'Regierung huet sech engagéiert d'Konventioun vun der UNO iwwert d'Rechter vun behënnerten Persounen (CRDPH) duerch de Plan d'action national 2019-2024 ëmzesetzen.

Dësen Aktiounsplang ass vum Regierungsrat den 20. Dezember 2019 ugeholl ginn a gesäit 29 Prioritéiten, 55 Objektiv a 97 Aktiounen vir, déi déi concernéiert Ministère ëmsetze sollen. An dësem Kader huet de Justizministère konkret Aktiounen opgeléicht fir d'Ëmsetzung vum Artikel 12 vun der CRDPH. D'Unzuel vun den Tutellesriichter ass erhéicht an e Projet de loi betreffend d'Aféierung vum "*mandat de protection future*" ass de 4. Januar 2023 deposéiert ginn. Déi aner Elementer aus dem Plan d'action national ginn an engem Avant-projet de loi ëmgësat, den den Ament vum Justizministère ausgeschafft gëtt.

**Ad 3:**

Et ass envisagéiert d'Konventioun vun Den Haag iwwert den internationale Schutz vun Erwuessenen ze ratifizéieren wann béid Projets de loi vum Législateur ugeholl gi sinn.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson